N°4521
Entrée le 22.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.07.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Juli 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Geméiss dem Sproochegesetz huet Lëtzebuerg dräi gläichberechtegt administrativ Sproochen: Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch. Zënter enger Rei vu Jore schaffen an de lëtzebuergesche Klinicken allerdéngs vill Dokteren, déi net all dräi administrativ Sprooche beherrschen.

Eisen Informatiounen no sollen an eenzele Klinicke lëtzebuergesch Dokteren ugewise gi sinn, medezinesch Berichter net méi op Däitsch ze verfaassen, mee ausschliisslech op Franséisch. Sollte sech dës Informatioune bestätegen, géif dat Froen iwwer déi praktesch Ëmsetzung vum Sproochegesetz an de Klinicken opwerfen.

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Kann d'Madamm Minister preziséieren, ob et zu Lëtzebuerg méiglech ass, als Dokter an enger Klinik ze schaffen, ouni déi franséisch Sprooch ze beherrschen, wann een Däitsch schwätzt?
2. Kann d'Madamm Minister preziséieren, ob et zu Lëtzebuerg méiglech ass, als Dokter an enger Klinik ze schaffen, ouni déi däitsch Sprooch ze beherrschen, wann ee Franséisch schwätzt?
3. Ginn et ministeriell Richtlinnen oder intern Reegelen an de Klinicken, déi festleeën, a wéi enger administrativer Sprooch medezinesch Berichter verfaasst musse ginn? Wa jo, op wéi enger gesetzlecher Grondlag baséieren dës?
4. Ass d'Madamm Minister der Meenung, datt et mam Sproochegesetz vereinbar ass, Dokteren ze verflichten, medezinesch Berichter ausschliisslech op Franséisch ze verfaassen, wann Däitsch eng gläichberechtegt administrativ Sprooch ass?

Mat déiwem Respekt,

Keup

Fred Keup, Deputéierten